ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 14. Juni 2021

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Aarbechtsminister weiderzeleeden.

Och zu Lëtzebuerg besteet d'Tendenz, datt grad an de Supermarchéen ëmmer méi Caissiersplazen duerch elektronesch Maschinnen ersat ginn, fir kënnen d'Bezuelen ofzewéckelen. Et ass evident, datt vill Leit, déi manner qualifizéiert sinn, grad och am Niddregloun-Secteur no Aarbecht sichen, fir esou hir Existenz ofzesécheren. Iwwerdeems sollt och, wat de Komfort vum Keefer ugeet, e gewësst Mooss u Service um Client erhale bleiwen.

An deem Kontext hätt ech folgend Froen un den Här Minister:

1. Wéi bewäert den Här Minister d'Entwécklung, datt grad am Niddregloun-Secteur ëmmer méi Persounen duerch elektronesch Geräter ersat ginn?
2. Denkt d'Regierung eventuell drun, ze legiferéieren, respektiv, e Minimal-Seuil festzeleeën, dee garantéiert, datt d'Salariéen am Niddregloun-Secteur an Zukunft net progressiv duerch elektronesch Geräter sollen ersat ginn an datt domat och an Zukunft nach garantéiert bleift, datt iwwerall Mënschen d'Clientë beroden an zerwéieren?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten